N°5436
Reçue le 27.12.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 27.12.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Besonnesch am Kader vun der Verbreedung vun der neier Omnikron-Variant gëtt d'Iwwerlaaschtung vum Gesondheets- a Fleegepersonal duerch déi allgemeng COVID-Situatioun nees ganz staark diskutéiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Leit aus dem Beräich vum Gesondheets- a Fleegepersonal goufen 2020 an 2021 jeeweils noweislech positiv op de COVID-19 getest?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill vun dëse Leit deelweis, respektiv vollstänneg géint de COVID-19 geimpft a wéi vill vun hinnen der zousätzlech geboostert waren?
3) Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill vun dëse Leit zum entspriechenden Ablack de Status vum "Geheelt" haten oder virdru wärend enger Period vu sechs Méint iwwert dëse Status verfüügt haten? Kann d'Madamm Minister preziséieren, mat wéi engen ënnerschiddleche Varianten si sech jeeweils ugestach haten?
4) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill Aarbechtsstonnen 2020 an 2021 jeeweils insgesamt am Gesondheets- a Fleegesecteur ausgefall sinn, well entweder Membere vum Personal positiv op de Virus getest goufen oder well si mat enger Persoun Kontakt haten, déi positiv op de Virus getest war an sech duerfir provisoresch hu missen isoléieren?
5) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur am Fall vun engem positiven Test ofhängeg vun hirem Impfstatus mussen ënnerschiddlech Prozeduren anhalen, a wa jo, wéi eng? Gëtt des Weideren tëschent geheelten an ongeheelte Persounen differenzéiert? Wéi wieren dës Decisiounen am Eenzelen motivéiert?
6) Falls d'Äntwert op den éischten Deel vun der Fro virdru "jo" ass, kann d'Madamm Minister da preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (hei opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

7) Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro fënnef matdeelen, ob sou eng Differenz och beim administrative Personal virgesinn ass a kann d'Madamm Minister och hei preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 5436
Reçue le 08.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, dem Här Minister vir sozial Secherheet an der Madamm Familljeminister op d'parlamentaresch Fro n° 5436 vum 27. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

De Gesondheetssecteur zielt d'Personal an Gesondheetsberuffer aus de Spideeler, de Cabinet'en vun den Dokteren, den Aptikten an de liberale Gesondheetsberuffer.
De Fleegesecteur (AES) zielt d'Personal an Gesondheetsberuffer aus den Altersheemer (Maisons de soins an Centres intégrés pour personnes âgées) an den Réseaux d'aides et de soins.

Den Tableau hei drënner resuméiert d'Gréisst vun de jeeweilegen Secteuren fir d'Joer 2020 (op den 30. September 2020) an d'Joer 2021 (op den 30. September 2021).

Tableau 1: Unzuel vun Salariéen an Indépendanten aus de Secteuren, no Residenz

	2020		**2021**	
Kategorie	**Résidents**	**Frontaliers**	**Résidents**	**Frontaliers**
AES	9.080	6.896	9.418	7.207
Santé	9.973	6.811	10.148	7.213
TOTAL	**19.053**	**13.707**	**19.566**	**14.420**

Quell: Datenbanken vun der Sécurité sociale, Rechnung IGSS

Virop ass et wichteg dorop hinzeweisen, datt d'Zuelen vun Covid- Impfungen an Tester bei Frontalier'en wahrscheinlech méi héich leien wéi déi Zuelen déi zu Lëtzebuerg disponibel sinn, well dës Leit sech oft an hirem Heemechtsland impfen an / oder testen gelooss hunn, an Lëtzebuerg net iwwert dës Donnéeën verfügt.

1. Wéi vill Leit aus dem Beräich vum Gesondheets- a Fleegepersonal goufen 2020 an 2021 jeeweils noweislech positiv op de COVID-19 getest?

Déi folgend Tableau'en 2 a 3 weisen d'COVID-19 Infektiounen aus de jeeweilegen Secteuren, fir d'Joeren 2020 an 2021. Zousätzlech, op Basis vun der Fro 2, ginn dës Infektiounen nach eemol opgespléckt op den Impfstatus um Moment vun der Infektioun (Tableau 3).

Tableau 2: Unzuel vun éischten Infektiounen op Basis vun positiven PCR-Tester vun de Leit aus de Secteuren, no Residenz

	2020		**2021**	
Kategorie	**Résidents**	**Frontaliers**	**Résidents**	**Frontaliers**
AES	1.174	465	1.169	233
Santé	1.145	491	951	297
TOTAL	**2.319**	**956**	**2.120**	**530**

Quell: Datenbanken vun der Sécurité sociale, Direktioun vun der Santé, Rechnung IGSS

2. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill vun dëse Leit deelweis, respektivvollstänneg géint de COVID-19 geimpft a wéi vill vun hinnen der zousätzlechgeboostert waren?

Den Stéchdatum fir d'Statistiken fir den Impfstatus ze determinéieren ass um Dag vum positiven PCR Test.

Tableau 3: Unzuel vun éischten Infektiounen op Basis vun positiven PCR-Tester vun de Leit aus de Secteuren, no Residenz an Impfstatus

	2020		**2021**	
Kategorie	**Résidents**	**Frontaliers**	**Résidents**	**Frontaliers**
AES				
Boostered	-	-	54	3
Complete vaccination	-	-	391	41
Non-vacciné	1.174	465	724	189
Santé				
Boostered	-	-	92	12
Complete vaccination	-	-	360	77
Non-vacciné	1.145	491	499	208
TOTAL	**2.319**	**956**	**2.120**	**530**

Quell: Datenbanken vun der Sécurité sociale, Direktioun vun der Santé, Rechnung IGSS

Als Rappel, d'Impfung géint de COVID-19 huet eréischt um Schluss vun 2020 ugefaang an d'Booster-Impfungen eréischt am 2. Semester vum Joer 2021.

3. Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill vun dëse Leit zum entspriechenden Ablack de Status vum "Geheelt" haten oder virdru wärend enger Period vu sechs Méint iwwert dëse Status verfügt haten? Kann d'Madamm Minister preziséieren, mat wéi engen ënnerschiddleche Varianten si sech jeeweils ugestach haten?

Am folgenden Tableau 4 sinn d'COVID-19 Infektiounen opgedeelt op de potentielle "Geheelt"-Status deen d'Persounen aus dem Secteur konnten hunn. Eng Persoun déi een zweeten positiven Test huet, deen awer bannent den 3 éischten Méint nom éischten positiven Test gemeet ginn ass, gëtt als Re-Test gezielt, dat heescht net als Réinfektioun. Vun Réinfektioun schwëtzt een eréischt wann zwee positiv Tester virleien déi méi wéi 90 Deeg auserneen leien. Deemno ass et wichteg ze bedenken datt bei den Re-Tester bannent den éischten 3 Méint no der éischter Infektioun Tester dobäi sinn déi positiv ausgefall sinn bedéngt duerch déi éischt Infektioun.

Am Géigendeel zu den Tableauen 2 an 3, sinn am Tableau 4 all positiv Tester gezielt an net just déi éischt Infektiounen.

Tableau 4: Unzuel vun positiven PCR-Tester vun de Leit aus de Secteuren, no Residenz an "Geheelt"-Status

	2020		**2021**	
Kategorie	**Résidents**	**Frontaliers**	**Résidents**	**Frontaliers**
AES				
1. Infektioun	*1.185*	*465*	*1.169*	*233*
Re-Test bannent 3 Méint	363	141	185	40
Réinfektioun no 3 Méint	4	2	21	5
Réinfektioun no 6 Méint	1	1	61	3

Santé				
1. Infektioun	*1.157*	*494*	*951*	*297*
Re-Test bannent 3 Méint	478	163	186	64
Réinfektioun no 3 Méint	6	0	15	7
Réinfektioun no 6 Méint	0	1	41	17

Quell: Datenbanken vun der Sécurité sociale, Direktioun vun der Santé, Rechnung IGSS

4. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi vill Aarbechtsstonnen 2020 an 2021 jeeweils insgesamt am Gesondheets- a Fleegesecteur ausgefall sinn, well entweder Membere vum Personal positiv op de Virus getest goufen oder well si mat enger Persoun Kontakt haten, déi positiv op de Virus getest war an sech duerfir provisoresch hu missen isoléieren?

Op Gronn vun der Motioun iwwer d'Impfflicht vum honorabelen Deputéierten Gilles Baum déi den 19. Januar 2022 mat 31 Stëmmen géint 29 Stëmmen an der Chamber ugeholl gouf, wäert d'Regierung zaitno en Dokument zur Verfügung stëllen andeem dës Donnéeën opgeschlësselt sinn.

D'Ministeren erlaben sech deemno den honorabelen Deputéierten op dëst Dokument ze verweisen dat zaitno den Deputéierten wäert zur Verfügung gestallt ginn.

5. *Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur am Fall vun engem positiven Test ofhängeg vun hirem Impfstatus mussen ënnerschiddlech Prozeduren anhalen, a wa jo, wéi eng? Gëtt des Weideren tëschent geheelten an ongeheelte Persounen differenzéiert? Wéi wieren dës Decisiounen am Eenzelen motivéiert?*

Am Fall vun engem positiven Test, mussen d'Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur onofhängeg vun hirem Impfstatus déi selwecht Prozeduren anhalen.

Fir Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur gëlle wéi fir d'Gesamtbevëlkerung d'Dispositiounen aus dem modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 « portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ». Onofhängeg vum Impfstatus gëtt bei Leit aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur, déi positiv getest gi, den Art.7.(1)2° applizéiert, an des Persounen gin isoléiert. Des Isolatioun dauert am Prinzip 10 Deeg.

Sou wéi fir d'Gesamtbevëlkerung, kann och beim Gesondheets- a Fleegepersonal wat déi néideg Konditiounen erfëllt, sou wéi se an dësem Artikel festgehale sinn, d'Isolatioun schonn no 6 Deeg opgehuewe ginn, wann sie um Dag 5 an um Dag 6 een negative Schnelltest noweise kënnen.

6. Falls d'Äntwert op den éischten Deel vun der Fro virdru "jo" ass, kann d'Madamm Minister da preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (hei opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

Mir verweisen op d'Äntwert 4.

7. Kann d'Madamm Minister am Sënn vun der Fro fënnef matdeelen, ob sou eng Differenz och beim administrative Personal virgesinn ass a kann d'Madamm Minister och hei preziséieren, wéi déi ausgefalle Stonne sech op déi eenzel Kategorië vum Personal (opgedeelt nom Impfstatus) verdeelen?

Mir verweisen op d'Äntwert 4.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert